Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Februar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister, den Här Familljeminister an d'Madamm Minister fir Gläichheet an Diversitéit weiderzeleeden.

Zanter Enn Oktober 2023 gi sougenannt Dubliner ënnert den Asylbewerber (DPIen), d.h. Leit, déi sech schonn an engem aneren EU-Land an der Asylprozedur befannen awer zu Lëtzebuerg eng zousätzlech Demande stellen, bei der Zouweisung vun den Iwwernuechtungsméiglechkeeten an entspriechende Strukturen op eng Waardelëscht gesat. Déi Decisioun gouf nach vum deemolege Bausseminister Jean Asselborn geholl an de 24. Januar duerch den Här Familljeminister géigeniwwer RTL, och am Numm vun där neier Regierung bestätegt. Déi genannte Lëschte betreffen awer ausschliisslech Männer déi eleng reesen, Frae si vu vireran ausgeholl.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Gesäit d'Regierung an där Moossnam net eng kloer Diskriminéierung vun de Männer, well hei eng bestëmmte Bevëlkerungsgrupp nëmmen opgrond vun hirem Geschlecht benodeelegt an enger aner privilegéiert gëtt?
2) Gesäit d'Regierung vir, déi entspriechend Waardelëscht an Zukunft paritéitesch tëschent den zwee Geschlechter opzedeelen, fir nees op de Wee vun där gesetzlech virgeschriwwener Gläichbehandlung vun de Geschlechter zeréckzekéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten